PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven

Aktualitéitsstonn Pouvoir d'achat

Lëtzebuerg, , den 09/02/2022

4

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- De Statec huet a senger Evaluatioun vun der CO2-Steier festgestallt, dass och mat der geplangtener Erhéijung vun der CO2-Steier bis 2023, d'Emmissiounen zu Lëtzebuerg am Joer 2023 nach 17% iwwert der Trajectoire vun 55% CO2-Emissiounen leie wäerten: "Si l'objectif des émissions de GES pour 2021 pourra probablement être respecté, l'écart avec la trajectoire de réduction qui mène à -55% en 2030 (courbe grise) augmenterait au cours du temps, jusqu'à 17% en 2023.";
- De Statec hält kloer fest: "Il est généralement admis que la taxe CO2 est une condition nécessaire, mais pas suffisante pour réduire les émissions", esou dass och aner Méiglechkeeten mussen a Betrouecht gezu ginn;
- D'Subventiounspolitik eleng geet net duer, fir déi aktuell ressourcenintensiv Technologien a kuerzer Zäit duerch méi effizient Technologien z'ersetzen. Ee Beispill dofir ass d'Elektromobilitéit, wou dee gesamte Fuerpark misst elektresch ginn.
- Et feehlt eng Subventiounspolitik vum Verzicht, déi d'Leit incitéiert a belouhnt. Ee Klimabonus, a Form vun enger negativer CO2-Steier kann ee steierlecht Instrument sinn, wat et erlabt, de Verzicht ze belouhnen.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. eng Etüd an Optrag ze ginn, fir déi méiglech Konsequenze vun engem Klimabonus a Form vun enger negativer CO2-Steier zu Lëtzebuerg z'analyséieren.

Sven CLEMENT